Bericht vum 6ten Duerchgang vun der Veteranenmeeschterschaft.

Den 1 Oktober ass déi 6 Manche vun der Veteranenmeeschterschaft zou Réimech ausgedroen ginn. 18 Fëscher waren präsent an hunn an 3 Sekteuren gefëscht.

Et war eng äussert spannend Manche. 2 Mann louchen mat 11 Punktegläich un der Spëtz. De Marc Haliniak an de Val Pletgen.
Déi lëscht 2 Wochen sinn um Training vill Routaen gefaange ginn an war e gespaant op déi och haut um Rendezvous wären.
Si waren et net. Een eenzege Routa ass gefaangen ginn an 6 Piischen.

Val Pletgen Champion de Luxembourg 2019 vun den Veteranen

No der traditioneller Usproch vum President Claude Paulus sinn Stänn verloust ginn.

Am 1 Secteur huet de Patrick Barthels sech um Kappstand kloer mat 3390 gr. virum Nico Schmit mat 2810 gr duerchgesat. De Jeff Quintus huet sech missen mat 10 gr. manner mat der 3 Platz zefridden ginn.

Patrick Barthels 1 Platz am Secteur 1

Am 2ten Secteur sinn méi deck Gobbien gefaange ginn. Hei huet den Jean Albert vun Hollerech gewonnen mat 5210 gr. 80 gr hunn dunn 3 Mann vuneneen getrennt. Et sollt dem Marc Haliniak den Titel kaschten. Hien ass mat 4900 gr den 4 ginn. Virun him louchen nach den Guy Wintersdorf als 2ten mat 4980 gr an den John Soisson mat 4960 gr.

Marc Haliniak Vizemeeschter

Am 3ten Secteur huet de Val Pletgen um Kappstand mat 4640 gr souverän gewonnen an get domat Champion 2019 vun den Veteranen. Hien huet den Ben Telen op déi 2 Platz verwisen. Den Pierrot Merten huet mat 3600 Gr an 3 Platz gemaach.

De Claude Paulus huet dunn Klassement gemaach an dat proklaméiert.

René Quintus

Klassement no 6 Manchen

1)	**Val Pletgen**	**9 Pt.**	**18.140 gr.**
2)	**Marc Haliniak**	**11 Pt.**	**20.380 gr.**
3)	**Ben Telen**	**11 Pt.**	**14.870 gr.**

Den Dan Schleich beim preparéieren vum Ierbsebulli.

mr